



PHOTO CLUB GEMENG SUESSEM

Eis Aktivitéiten vum 2. Mäerz 2020 bis 25. Mee 2020

Mir hun en neie Sall, dësen ass am Centre Culturel Metzerlach, 62 rue Sigefroi, 4407 Belvaux.

Um Site : www.suessem.lu/fr/la-commune/les-infrastructures-de-la-commune fannt der e Bild vum Centre Culturel.

Eise Sall ass um 1. Stack, no der Trap riets an de Gank, da lénks. Deen grouse Sall ass de Gesangveräin, mir hunn de Sall hannendrun.

Eis Versammlungen sin dann lo prinzipiell ëmmer an deem Sall !

**Méindeg, den 2. Mäerz um 19:30 Auer
an eise Sall am Centre Culturel Metzerlach**

WORKSHOP STUDIO BLËTZER

Mir léieren mat Studio Blëtzer schaffen, an huelen eist Studio Equipment endlech an Betrib.

Bréngt äre Fotoapparat mat sou dass dir Studio-Bletzer schon eng éischte Kéier kënnt probéieren.



**Méindeg, den 16. Mäerz um 19:30 Auer
an eise Sall am Centre Culturel Metzerlach**

WORKSHOP Splash-Fotoen

Erëm eng spannend Aktivitéit wou mir Technik mat Spaass verbannen. Bréngt déi Objeeë mat déi dir wëllt fir är Biller benotzen.



**Freides, den 20. Mäerz um 19:00 Auer
Assemblée Générale 2020
Kultur- a Geschichtshaus "A Gadder"
10, rue de France L-4446 Belvaux**

Detailer an Invitatiounen zou eiser Generalversammlung schéckt Monique Heuschling sou schnell wéi méiglech un Memberen an Verrieder vun der Gemeng.

No der A.G. géife mir den Rescht vum Owend gemittlech zesummen verbréngen, och dozou kritt dir vum Monique sou schnell wéi méiglech Détailler geschéckt.

**Méindeg, den 30. Mäerz um 19:30 Auer
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach
Photo-Talk**

Denkt drun är Fotoen am jpg mat ze bréngen an
se och richtig ze benennen:
also Nummer_Familiennum Virnumm
(zum Beispill 1_Musterman Germain)

**Mëttwoch, den 15. Abrëll um 19:30 Auer
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach
Photoshooting mat Modell**

Fir dësen Owend hunn mir e männlechen
Model, vun dem Monique iech iwwer mail eng
Foto schéckt an normalem Outfit.
Iwwerleet iech an wéi engem Outfit oder De-
kor dir dëse Model wéilt fotograféieren an
preparéiert är Accessoires fir deen Owend, sou
dass jiddereen seng eegen Kreatioun kann
realiséieren

**Mëttwoch, den 29. Abrëll um 19:30 Auer
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach
Photo-Talk special Expo 2020**

Well mir och dëst Joer rëm eng Expo plangen
fänken mir un eis Sélectioun ze mann vun de
Fotoen déi mir wëllen ausstellen.
Denkt drun är Fotoen am jpg mat ze bréngen an
se och richtig ze benennen:
also Nummer_Familiennum Virnumm
(zum Beispill 1_Musterman Germain)

**Méindeg, den 11. Mee um 19:30 Auer
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach
Formatioun Studio Deel 1**

Mir schaffen mat eisen Studio-Blëtzer an
probéieren verschidde Belichtungstechniken
aus

**Méindeg, den 25. Mee um 19:30 Auer
an eisem Sall am Centre Culturel Metzerlach
Formatioun Studio Deel 2**

Mir probéieren dësen Owend wéi een optimal
Resultater kritt och ouni Studio-Blëtzer mais
mat deene Blëtzer déi dir op ärem Foto-
apparat hutt.

